Huurteg schlof a kuurzen Nuechten
Fréi rifft d'Wuechtel, béck de Réck
Well am Da, dat *gët déck* Schluechten
Och vu klengem Gras méi déck.

659 *gët déck* dënn driwwer geschriwwen *gin déng;* duerchgestrach: *An den Heekoup gët; Grot der Dag; Och vu klengem Gras méi déck*

Da mat Gaaflen a mat Reechen
Fort dir Fralett nun un d'Zieden,
'T si fir d'Wieder gënsteg Zeechen,
Loosst iech dann op d'Feescht nët trieden.

Nët ze brucken nët ze brueden
Nët ze bréien as om Läpp
Hott geméit a muer gelueden
Owes *këmmt* et ston op Häpp.

668 *këmmt* as duerchgestrach, driwwer steet *soll*

Hitt dech awer dach am Feier
Ongediirt däin Hee ze huelen:
'T géif der d'Hoossegt an der Scheier
Vläicht mam rouden Hunn bezuelen.

671 as déck an eppes Aneschtes geschriwwen

No dem Hee gët nët ze lappen
D'Aarbecht këmmt der dënn an déck
Fluess a Fimmel sin ze rappen
An ze réiren d'Weessestéck.

Léisst nu d'Fruucht hir *Éigen* hänken
An den Hällem giel an dir,
Dann den Hittche kanns de schwenken
Well de Karschnatz klappt un d'Dir.

677 an *Éigen* as de g duerchgestrach; *Léisst nu d'Fruucht* as déck an eppes geschriwwen

Nun eraus dann Hans a Méchel
An dir Fralett alt an d'Rei
Mat der Flaus a mat der Séchel
An de Meeschter fir derbei.

Wi rondëm d'Gewane blénken
Wat e Räichtom wäit a breet!
Wellecht Liddchen as z'erdenken
Fir de Bauer an der Freed?

Do gesäis de jo ganz kloer
Schéin zu Käercher as geschmolz
All déng Aarbecht vun dem Joer
An di Käercher all si Gold.

690 *z* ersat duerch *t* am Wuert *geschmolz*

Looss mech dach se Gold nët nennen
Looss mech iwer d'Gold s'erhiewen
Wat ee kritt aus Gotteshännen
Dat as Gléck an dat as Liewen.

Sin nun d'Gowen agescheiert
Wann am Faass de Greeche schaimt
Frou gët d'Kiirmes da gefeiert
A gesonge wat sech reimt.

Schéi wäerd d'Jor sech ëm dech dréien
Wann s de äerdeg bas a weis
Bas de fierdeg kaum mam Méien
Kingt déng Sot schuns op en Neis.

D'Strof mat den Zeilen 701 bis 704 as opgepecht; op dem Blat selwer stin dräi Zeilen:
Schën drët d'Johr nun dem Bauer
A seï Wann en Heerz huet a Verstand
Wann en erdeg ass a w
*Schën drët d'Jor* as an *Schën ass d'Liewen* déck drageschriwwen; *nun* as verbessert gin an *him,* dann *him* duerchgestrach an *emm* drënner geschriwwen; bei de*m* as den *m* gestrach; *A seï* as an *D . . ass* (?) drageschriwwen a gestrach, grad ewéi de Rescht vun der zweter an déi ugefaangen drëtt Zeil.
Koiné:
Schéin dréit d'Jor nun dem Bauer
A säi Wann en Häerz huet a Verstand
Wann en äerdeg as a w

Jo, bei dir huet Plaz gewonnen
Wat en Diichter huet gesot:
Sauer Woche fréilech Stonnen
Rou am Häerz a Freed am Stot.

Wann s de weess wi häerzlech gären
Ech der méi dees Gléck verschaaft!
Ma am Himmel do sin d'Hären
Déi eleng hun duerfir d'Kraaft.

Hief däin Häerz a looss mer fléien
Bei di Häre looss mer gon
Datt däi Pléien an däi Séien
Vill där Käercher sollen dron.

Sonneschäin a wootlech Drëpsen
Schéckt dir Hären *dach* als Buet
Loosst nët rau de Som bestëbsen
An och d'Wiedre ma kee Schued.

718 *dach* duerchgestrach, driwwer *eis*

Setzt dir Hären dach gutt Wuechten,
Datt kee Frascht an d'Land sech schmockelt,
Dee mat Räif an eng zwou Nuechten
All jong Semercher äis kockelt.

Suergt mer fir mäi léiwe Bauer
Fir séng Fra, fir Kand a Kënn
As em d'Aarbecht dack och sauer:
Schéckt eng Freed em drop geschwënn.

O, mäi Bauer maacht mer gléckelech
Hien as d'Wuurzel vun den Äscht.
D'Schrëftgeléiert si geschécklech
Dach de Bauer schafft der bescht.